N°377
Entrée le 21.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.02.2024

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 21. Februar 2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister vun der Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

Regelméisseg kënnt et zu Kloen vu betraffene Bierger, Gemengen a Lokalpolitiker well a Wunnengsquartieren mat Tempo 30 Zonen vill mi séier gefuer gëtt wi et erlaabt ass.

- Ech géif dofir gäer vum Här Minister wëssen op an denen Zonen Mobilradaren agesaat ginn?
- Wa jo, wéi oft dat an dene läschte 5 Joer inklusiv 2023 geschidd ass, a wat d'Resultater dovun waren?
- Wéi eng Kontrollen sinn soss an de Wunngebidder duerchgefouert ginn mat wat fir Resultater?
- Wéi héich waren d'Stroofen bei dene festgehaalenen Delikter?
- Kënnen d'Datebanken festellen wéi oft et zu "délits de grande vitesse" komm ass?
- Wou a no wat fir Kriteren ginn dei Mobilradaren am allgemengen agesat a mat wat fir Resultater?

Mat déiwem Respekt,

Mars di Bartolomeo
Deputéierten

N°377
Entrée le 21.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, a vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n° 377 vum honorabelen Députéierte Mars di Bartolomeo zum Sujet "Contrôles de la vitesse dans les zones 30 km/h"**

**Fro 1**

An de Wunnengsquartiere mat enger Tempolimitatioun op 30 km/h ginn och mobil Radaren agesat, fir d'Sécherheet op de Stroossen ze verbesseren. Dës Initiativ ass en erweiderten Deel vun de Beméiungen, d'Verkéierssécherheet an deem spezifesche Beräich ze erhéijen.

**Fro2**

An de leschte 5 Joer, zënter 2019, goufen 139 Kontrolle mat mobille Radaren an 30er-Zonen duerchgefouert, woubäi en Total vun 8.714 Infraktioune festgestallt gouf.

An der Tabell sinn "avertissements taxés" opgelëscht, déi sech aus den 139 Kontrollen erginn hunn an déi sech exklusiv op mobil Radare an Tempo-30-Zone bezéien.

| **Année** | **Nombre d'avertissements taxés – radars mobiles - zone 30** | | |
|---|---|---|---|
| | 49 Euro | 145 Euro 2 points | total |
| 2019 | 59 | 17 | 76 |
| 2020 | 243 | 8 | 251 |
| 2021 | 1.120 | 46 | 1.166 |
| 2022 | 2.250 | 105 | 2.355 |
| 2023 | 4.663 | 203 | 4.866 |

**Fro3**

Nieft de Vitesskontrollen an de Wunngebidder ginn ënnert anerem och Kontrollen am Beräich vun der genereller Verkéierssécherheet gemaach, wéi z.B. Kontrolle vum techneschen Zoustand vun de Gefierer, vun de Luuchten, vun de Pneuen etc. D'Kontrollen, déi an de Wunngebidder duerchgefouert ginn, baséieren op der Analys vun de lokale Pläng vun der "Surveillance et contrôle de la circulation", déi souwuel repressiv wéi och präventiv sinn, an orientéieren sech ënnert anerem un de lokale Besoinen an de Gemengen. Heibäi gi Reklamatioune vun de Buergermeeschteren a Bierger consideréiert.

Et ass der Police net méiglech, eng automatiséiert Gesamtstatistik vun den uewe genannte Kontrollen, spezifesch fir déi lescht 5 Joer a limitéiert op Tempo-30-Zonen, opzestellen.

**Fro 4**

Op dës Fro kann net geäntwert ginn, well et net méiglech ass, eng automatiséiert Recherche duerchzeféieren (cf. Äntwert hei driwwer).

**Fro 5**

Der Police hir Datebanken erlaben et net, eng automatiséiert Recherche duerchzeféieren, déi sech spezifesch op d'Infraktioun "Délits de grande vitesse" an enger Tempo-30-Zone bezitt.

**Fro 6**

Déi an dësem Kontext viséiert mobil Radare ginn am Allgemengen agesat fir de Verkéier ze iwwerwaachen a Beräicher, wou d'Tempobegrenzung besonnesch wichteg ass. D'Zil ass et, Geforesituatiounen ze reduzéieren an d'Leit un d'Reegelen ze erënneren. Mobil Radare sinn en erweiderten Deel vun de Beméiungen, fir d'Verkéierssécherheet a spezifesche Beräicher ze erhéijen.

D'Datebanke vun der Police erlaben et net, eng automatiséiert Recherche vun all de constatéierten Infraktioune vu mobille Radaren, wéi z.B. « Délits de grande vitesse », « Procès-verbaux », «Plaques volées », an 30er-Zonen ze maachen.

Lëtzebuerg, den 21.03.2024.
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden